QE N°1
Entrée le 08.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.01.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2024

**Betrëfft:** Demande fir eng erweidert parlamentaresch Fro

Här President,

esou ewéi et den Artikel 82 vun eisem Chambersreglement virgesäit, wéilt ech an enger nächster ëffentlecher Sëtzung dem Här Premierminister Luc Frieden, a senger Eegenschaft als den zoustännege Minister fir de Geheimdéngscht an déi national Sécherheetsautoritéit, eng „question élargie" stellen.

An dëser Fro geet et ëm déi „Clearancen", déi u physesch a moralesch Persounen ausgestallt ginn, fir den Zougank zu confidentiellen Dokumenter ze erlaben. Et gëtt gutt argumentéiert Zweifel dorunner, datt déi betreffend Sécherheetsenquêten, vun deenen zoustännege Lëtzebuerger Instanzen esou kënne gemaach ginn, wéi eis international Verflichtungen et virgesinn.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser,
Deputéierten